adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. November 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

Déi amerikanesch Chemiefirma DuPont huet ugekënnegt, am Kader vun enger Restrukturéierung vum Betrib an den nächste Joren zwee Wierker zu Lëtzebuerg ze verkafen.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Wirtschaftsminister gär dës Froe stellen:

1) War den Här Minister am Virfeld iwwert dëse Schrëtt informéiert?
2) Wäert d'Regierung dëse Prozess begleeden, fir opzepassen, datt et net zu engem Ofbau vun Aarbechtsplaze wäert kommen?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742